## Lëtzebuerg: Sakgaass Wuesstem

Anscheinend musse mer eis jo op ee Szenario vun 1,1 Milliounen Awunner astellen, fir dass mer eise Sozialsystem weider kënne finanzéieren. Dee Szenario hätt allerdéngs dramatesch Auswierkungen op d'Zukunft vum Land.

Mir lafen dem anscheinend néidege Wuesstem hannendrun, mee vun deenen negative Konsequenze gëtt kaum geschwat, obscho mer se all Dag gesinn. Mir sinn elo schonn dat am meeschten zersiddelt Land vun Europa. An dagdeeglech komme Wunngebidder, Stroossen, Industrien an Aussiedlerhäff dobäi a reduzéieren eis Noerhuelungsraim. De Verkéier ass ëmmer nees un der Limit vum totalen Zesummebriechen. Mir hunn eng Immigratioun, déi eis ëmmer méi iwwerfuerdert, exzessiv Terrainspräisser an eng deelweis importéiert Aarmut. [...] Laangfristeg kann de System net funktionéieren. Den duerchschnëttleche Wuesstem aus deene leschte Joere geet trotz alle Beméiungen net duer, fir eisen aktuelle Sozialsystem ze finanzéieren. An et muss ee sech och froen, wou all déi Leit solle wunnen a wéi a vu wou déi zousätzlech honnertdausende Frontaliere sollen hierkommen, déi mer an Zukunft fir dee Wuesstem bräichten. A wann d'Welt 2050 net ënnergeet, muss et jo och duerno weidergoen. Mir bräichten also dann zwou, véier, aacht Milliounen Awunner. Do misst esou guer am Pisa-Test geplote Lëtzebuerg jiddereen agesinn, dass dat net ka funktionéieren. Wa mer also näischt änneren, wuesse mer weider op Käschte vun der Liewensqualitéit an op Käschte vun eise Kanner, well de System mët-

„Le supermarché du terrorisme"

# Keen Instrument vum Verbriechen



(FOTO: SHUTTERSTOCK)

Als eng Lëtzebuerger Asbl, déi Tor-Servere bedreift an och generell schafft, fir d'Ëffentlechkeet iwwert de Schutz vun der Privatsphär um Internet ze informéieren, erschéngt et eis noutwenneg, Ären Artikel vum 19. März 2016 ze beäntweren. Dësen Artikel ass eiser Meenung no souwuel onvollstänneg wéi och schlecht dokumentéiert; zum Deel enthält en net nëmmen ongenee, mä och vollstänneg falsch Aussoen, déi beméit ginn, fir en alarmisteschen Narrativ ze strécken.

Et fält schwéier, engem Artikel Glawen ze schenken, deen, fir iwwert eng bekannten a vill diskutéiert Technologie ze schreiwen, sech op eng eenzeg – anonym! – Quell verléisst. Dëst ass an eisen Aen eng Verletzung vun den elementaarste Regele vun all Recherche a suggeréiert e Mangel u journalisteschem Professionalismus säitens vum Auteur. A sengem Beméien, eng „Film Noir"-Atmosphär ze suggeréieren, mat anonymen Informanten a geheimen Treffen, ass et offensichtlech, datt den Thierry Labro sämtlech Primärquelle vernoléissegt huet.

D'Funktiounsweis vun Tor gëtt vereinfacht bis zum Punkt vun der Verfälschung: "utilise des nœuds" ass zum Beispill eng Ausso, déi komplett ouni Bedeitung ass. Den Auteur berifft sech op „torproject.org" als Origine vum Programm, mä säin Iwwergoe vun der Funktiounsweis a seng falsch Duerstellung vun den Inhalter, der Natur an de Benotzer vum Tor-Netzwierk vermëttelen den Androck, wéi wann en de Site net iwwert déi éischt Säit eraus gelies hätt.

Tor ass keng „autoroute parallèle où les panneaux n'existent pas"; Et gëtt wuel déi sougenannten „hidden services", déi just iwwert Tor accessibel sinn, mä 94 Prozent (!) vun dem Trafic ginn op gewéinlech Säite vum „Clearnet", also vum normalen Netz. D'„hidden services" selwer sinn net den Inkubator vu Schlechtegkeet, als deen den Artikel se wëll duerstellen: Esouguer Facebook huet esou een ageriicht, fir den Zougrëff op hire Site a Länner, wou den Internet zenséiert ass, ze vereinfachen.

Dëst bréngt eis zu engem ganz wichtegen Aspekt vun Tor am Speziellen a vun Anonymiséierungstechnologien am Allgemengen: Wäit dovun, eng Spillsaach fir Paranoider oder en Instrument vum Verbriechen ze sinn, ass Tor a ville Länner eng batter Noutwennegkeet. Wann den Internet zenséiert gëtt a vu fräien Zeitungen oder fräier Televisioun keng Ried méi ass, ass esou eng Software oft déi eenzeg Method, fir op auslännesch Medien zouzegräifen. Ass et korrekt ze soen, datt mat engem Outil, dee vun „Reporters sans frontières" a vum Rapporteur vun de Vereenten Natioune fir Ausdrocksfräiheet als ganz wichteg ugesi gëtt, „La morale [...], l'ordre, l'autorité, le bien et le mal ne sont plus que de lointains souvenirs ..."?

Och bei eis gëtt Tor fir legitim Zwecker benotzt, zum Beispill vu Journalisten, Affer vun haislecher Gewalt a vun Aktivisten. Den Auteur ass extrem respektlos, wann en dës Leit mat Terroristen an Drogendealer an een Dëppe gehäit. Jo, de System gëtt och vu Kriminelle benotzt. Neen, et ass weder seng Haaptverwendung nach seng Bestëmmung. Tor gëtt vu Fräiwëllege bedriwwen, déi Zäit, Geld a Material investéieren, fir de System um Lafen ze halen, fir sécherzestellen, datt de Service do ass, wa Leit e wierklech brauchen. Den Artikel vum Här Labro trëppelt dëse Leit hir Aarbecht mat Féiss, wann en insinuéiert, datt si alleguer Krimineller sinn, „[qui] continuent à rire à chaque fois que l'Union européenne fait un pas vers son ‚level playing field'".

Patrick Kahr,
Frënn vun der Ënn a.s.b.l.

Dëst ass eng Reaktioun op den Artikel „Le supermarché du terrorisme" vum 19. Mäerz 2016.